GEMENG JONGLËNSTER

Réunion 8/24

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la santé, des affaires sociales et du bien-être**

## Rapport de la réunion du 07/10/2024

**Lieu de réunion :** Giele Sall Centre Polyvalent Gaston Stein

**Début de la réunion :** 19h30

**Présents:** Fabrice Mousel, Marc Haas, Michèle Weis, Françoise Wecker, Lasse Schuster, Victoria El Khoury , Mireille Hinkel

**Ordre du jour**

1. Approbation du rapport de la dernière réunion
2. Organisatioun Filmowend
3. Polo'en
4. Relais pour la vie
5. Divers

### 1. Approbation du rapport de la dernière réunion du 05/09/24

De Rapport gouf unanime ugeholl

### 2. Organisatioun vum Filmowend

Mir hun bis elo 86 Umeldungen, sou dass mir vu maximal 100 Leit ausginn.

D'Bréidercher si beim Meglio bestallt, den Dépositaire Weber liwert Gedrenks. Mir hun décidéiert, dass am Lycée keng alkoholesch Getränker ugebuede ginn. D'Victoria mecht eis Humus mat glutenfreien Crackers, Merci dofir Victoria 😉 An e Merci och un d Michèle waat sech bereet erklärt huet, 100 greng Pitsch,(d'Symbol fir fir d'Santé mentale ze sensibiliséieren), ze maachen, fir eis a fir all Visiteur.

D'Rechter vum Film ginn un d „Feine Filme“ vu Berlin bezuelt (Dank dem Fabrice senger gudder Verhandlung sinn daat sozial 420 Euro amplaatz 1.000 Euro déi normalerweis üblech sinn)

GEMENG JONGLËNSTER



Den Owend selwer helleft de Lycée eis mat engem Techniker a 4 Leit am Service aus.

Während dem Gespréich setzen den Dokter, eise President an de Sekretär op 3 héigen Hockeren.

Eischte Fazit waat d'Organisatioun ugeet war, dass mir fir nächste Kéier méi e konkete Listing sollte maachen, wien wou Invitatiounen hischeckt, fir dass et keen Double Emploi gëtt.

3. **Polo'en**

Fir de Moment leit de Projet Polo op Äis, eenheetlech Kleedung (Jeans mat weißer Blous/weißem Hiem) an dem Badge vun der Gemeng, maachen dee selwechten Dengscht

4. **Relais pour la vie**

Mir hun iwert d'Faisabilitéit vun engem gréißere Projet fir de Relais pour la Vie zu Lënster ausgetosch a sinn zu der Conclusioun komm, dass esou e Projet mat 11 Kommissiounsmemberen nët ze stämmen ass. Wa mir et awer als Projet vun der Kommissioun ukënnegen mä eis op d'Mathëllef vun anere Veräiner musse verloossen, mecht et méi Sënn, d'Organisatioun direkt engem Veräin ze iwerloossen, deen doran Erfahrung huet. Dovun ofgesinn, gehéiert d'Organiséieren vun esou enger groußer Aktivitéit nët wierklech zum Optrag vun eiser Kommissioun.

Eng Alternativ kéint sinn, als Kommissioun mat enger Ekipp um Relais pour la Vie an der Staat unzetrieden.....

5. **Divers**

- D'Françoise huet gefroot, op eis Kommissioun bereet wier, zesummen mat der Senioren- an Accessibilitéitskommissioun eng Journée d'Informatioun ze organiséieren. À priori schwätzt do näischt dergéint, mir waarden op wieder Détailer.